QP N°2874

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 11:35, 22/09/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/09/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

An de Questions parlementaires N°2074 vum Deputéierte Léon Gloden an N°2148 an N°2254 vu mir, krut de Minister schonns eng Rei Froen iwwert d'Douaneskontrollen un de Grenze wärend dem COVID-19-Lockdown gestallt. Deemools huet de Minister an der Äntwert ob d'Fro N°2074 gesot, dass hien eng legal Basis fir d'Kontrolle géif gesinn. Konkret huet et an der Äntwert geheescht: "Partant, les douaniers luxembourgeois pouvaient légalement non seulement contrôler les automobilistes voulant franchir la frontière, mais également vérifier qu'ils respectaient la réglementation allemande relative à l'entrée sur le territoire allemand."

D'Präsentatioun vum Avis juridique vum Maître Kohnen op der Generalversammlung vun der Douanesgewerkschaft huet e Méinden awer gewisen, dass d'Aschätzung vum Minister net onkontestéiert ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Bleift de Minister och no der Publikatioun vum Avis juridique vum Maître Kohnen bei senger Opfaassung, dass d'Grenzkontrollen am Kader vun der Covid-Pandemie legal waren?

2. Plangt de Minister gesetzlech Adaptatioune virzehuelen, fir an dësem Dossier an Zukunft méi Kloerheet ze schafen?
   Falls jo: Wéi eng Ännerungen un de Gesetzestexter sinn ze erwaarden?
   Falls nee: Wäert d'Douane an Zukunft net méi fir Grenzkontrollen, wéi se am Fréijoer stattfonnt hunn, agesat ginn?

3. Wéi eng Konsequenzen zitt de Minister aus de genannten Evenementer?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 22 septembre 2020

Objet : Question parlementaire n° 2874 du 22.09.2020 de Monsieur le Député Sven Clement - Contrôles aux frontières

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés